# MORTS POUR LA PATRIE!



Joseph ELSEN vu Bé'wen
gefall bei Newel, de 7. 1. 1944



Nicolas MÜLLER vu Bé'wen
gestuerwen am Lazarett
zu Ludwigburg, den 8. 2. 1943



Jängi NILLES vu Colmer-Bierg
gefall bei Witebsk, den 16. 3. 1944



Nikla UGEN vu Colmer-Bierg
gestuerwen am Feldlazaret vun Modlin
den 2. 8. 43.

*Ligue „Ons Jongen" Bissen*

# E sche'ne Gest

Wa mir haut matt offenen Aen durch ons Stiéd an Dirfer gin, da bege'ne mer op Schrött an Trött Komeroden a jong Leidd, de' mer virum Krich als kärgesond Borschte kannt hun, an de' elo matt agefälene Båken, enger giéler Gesichtsfarw, oder eso'gur als Mutile'ert traureg dorömmer spaze'ere gin. Mir schummen ons bal vis-a-vis vun hinnen, datt mir nach stark a gesond sin. Gene'ert versiche mer dacks, ons lånscht se ze drécken, hirt Léd an hire Misär din ons ze vill we'. Pardon Frönn, dat ass falsch! Hei ass d'Geléenhét ze beweisen, datt mir als de Jonktem, als de'je'neg de' durch d'gemeinsam Geforen am Krich fest zesummegeschwésst si gin, datt mir och an der Praxis an elo am Fridden nach fest zesummen halen.

D'Sectio'n Re'den (eng vun de beschten aus dem Land), önner hirem President Jean Wirth, an hirem onermiddleche Sekretär Jos. Leythem, huet op dösem Gebidd eng sche'n Initiativ ergraff. Si ass un d'Leidd vun hirem Kanton erugetrueden, fir erholungsbedirfteg Jongen aus der Ligue wärend enger Zeitchen bei sech opzehuelen. An d'Awunner vu Re'den hun dösen Appell matt Fréde gehe'ert, an entspriéchend geäntwert. Dofir invite'ere mir elo all Jong, dén sech fir d'Såch interesse'ert, sech bei der Re'dener Sectio'n ze mellen. Dir gitt gudd empfângen, an dir kommt gestärkt a frösch nés hém.

Der Sectio'n Re'den, an all dénen anere gudde Leidd soe mir villmols merci, a mir können dös Actio'n allen onse Memberen a guddgesönnte Letzeburger nömmen recommande'eren.

# TAMBOW

In der zweiten Audienz, welche dem Zentralcomité der Ligue „Ons Jongen" am 15. Juni von I. K. H. Grossherzogin Charlotte (Prinz Jean wohnte der Audienz bei) in dieser Angelegenheit gewährt wurde, sagte die Landesfürstin dem Zentralcomité zu, sich mit dem Roten Kreuz in Verbindung zu setzen, um womöglich die fehlenden Arzneimittel nach Tambow schaffen zu lassen. Grossherzogin Charlotte informierte sich eingehend über den Stand der Frage und versprach, dieselbe nicht aus dem Auge zu verlieren.

In letzter Minute kommt die Meldung, es verlaute (sagen wir „gerüchtweise"), dass die luxemburgischen Tambow-Gefangenen bereits auf dem Heimweg seien, der diesmal über Brüssel gehen soll. Das Brüsseler Rapatriement sei von dem demnächstigen Eintreffen luxemburgischer Jungen aus Russland benachrichtigt worden. Man scheint zur Annahme zu neigen, dass es sich um unsere Tambow-Jungen handelt.

In dieser Annahme wird man bestärkt durch die angebliche Mitteilung eines aus Russland zurückgekehrten Herrn aus Arlon (der Name ist bekannt), welcher erklärte, er habe eine Anzahl unserer Tambow-Gefangenen in einem anderen, mehr nach Westen gelegenen russischen Lager angetroffen. Ueber das Ergebnis dieser am 26. oder 27. Juni mit dem Arloner Gewährsmann realisierten Fühlungnahme war bei Redaktionsschluss noch nichts bekannt. Es ist nach den gemachten Erfahrungen jedoch angezeigt, diese Information mit etwas Vorsicht zu geniessen, um sich nicht einer unliebsamen Enttäuschung auszusetzen.

Kurz vor Redaktionsschluss erfahren wir noch, dass belgische Rückkehrer behaupten, luxemburgische Jungen aus Tambow seien auf dem Rückwege in die Heimat in der Umgegend von Pilsen (Böhmen) in Quarantäne untergebracht. Die zuständigen luxemburgischen Behörden sind bemüht, sich über diese Meldung Klarheit zu verschaffen.

**Onse Büro ass**
**Blvd. Royal 45, Letzeburg**
**Tel. 57-42**

*Nächst Nummer / 4 Seiten*

*Reportage iwer*
*«Letzeburger Batterie»*

# SCHNAPS AN TUBAK

(Schluss)

Mé d'Russen hun ons nöt vill Ro' geloss an et gong ömmer weider no Westen an d'Mecklenburgescht eran, wo' och schon Englänner an Amerikaner nöt me' weit ewech woren. Jidder Zaldot huet sech no Zivilkléder ömgekuckt an och mir håten nés eng Ke'er Chance.

De' preisesch Zivilisten vun enger gre'sserer Uertschaft håten sech nämlech op d'Bé gemåch, we' et gehéscht huet, d'Russe wären önnerwé. Mat Valissen a Päck schwe'er belåscht hun si sech och no Weste gemåch fir de Russen nöt an d'Hänn ze fålen. Op é Mol huet et awer gehéscht: „Die Russen sind im Anzug, rette sich wer kann!" An du huet alles d'Valissen an d'Päck ewech geschmass a si sin ugedrekt. We' mir du dohinne komm sin, go'fen d'Päck opgemåt an d'Zaldoten hun sech Zivilgezei geholl eso' vill se gebraucht hun. Natirlech wôre mir Letzeburger nöt de' Léscht dobei. No e puer Stonnen håte mir Zivilkléder ugedôn an de' knaschteg, fatzeg, preisesch Uniform hu mer hannert eng Heck geworf. Ons Pisto'len håte mir awer behålen an an engem Påk verstoppt.

Mé an der Zivilklédung wôre mir nach nöt secher virun déne villen polneschen an russeschen Fremdarbeiter, de' d'ganz Ge'gend onsecher gemåt hun. Me' we' én preisesche Zaldot huet missen dru gléwen. Mir hun also misse verhönneren, datt si ons am Verdacht håten, an der preisescher Armé' gedengt ze hun: soss hätten si gemierkt, fir den allie'erten Arme'en ze entgoen, mir hätten ons Zivilkléder verschåft, an si hätten op ons geschoss. Gleckleche rweis hu mir du eng Mass vu Sträflingskléder fond, de' entwéder K-Z-Leidd oder åner politesch Gefångener oder vleicht Arbechter ewech geworf håten. Vun dénen hu mir d'Nummeren mat engem Initial (F. oder B.: Frankreich, Belgien) erausgeschnidden an op ons Zivilkléder opgebudd. Op de' Mane'er konnte mir als Franzo'sen oder Belsch ugesi gin, de' an engem Lager hir Zeit verbruecht håten an t'huet kén ons me' ofgesin datt mir Zaldote wôren.

We' et du nach ömmer me' brenzlech gin ass, sollte mir ons durch e gro'sse Bösch weider no Westen durchschlôn. Mé an dem Bösch so'tzen eng Mass vun SS-Schwein, de' op all énzelne Mann geknâlt hun, dén hinnen önnert d'Ae komm ass. Duerfir hu mir letzeburger Jongen ons trenne missen. Mir wollte getrennt op d'Hémecht lass marsche'eren, mä leider ass ons Hoffnong, ons ennerwé erömzefannen, nöt an Erföllong gâng. Wo' de' åner sin, wéss ech nöt.

Ech selwer hu mech de Belsch ugeschloss. De' go'we mir eng belsch Uniform an eso' ko'm ech du no e puer Dég iwer Bre'ssel—Arel an d'Hémecht zreck. Ech wär guer nöt erstaunt, wann och nach én oder dén åneren lëtzeburger Jong op de' selwecht Mane'er de Wé an d'Hémecht geng fannen: dat geng me' schnell, we' wann se nach durch en „Entl·ssungslager" misste goen.

An elo sin ech fro', datt dé ganze Butek eriwer ass.

P. S. Zönterhir si schons eröm åner letzeburger Jongen eröm komm, de' sech derdurch geschlôn hun. E vun hinnen ass so'guer mat sengem Panzer ugedreckt. Mir kommen drop zreck.

## Sot ons wo' se sin!

Roger SCHAULS, Rollengergrond, montée des Tilleuls. Ufank März zu Striegau.

J. P. FIEGEN, soll gefall sin den 10. 3. 44 zu Ivankoiva. Det get vu verschiddener Seit démente'ert.

Emil DECKER, Letzeburg. Wor den 20. August zu Braila (Rumänien) an der Wehrmacht.

Theo GANSEN, Echternach, RAD Schippenbeil. Soll durno déserte'ert sin.

Georges LENERT, geb. 2. 2. 26, Letzeburg, rue d'Orval 13, soll zu Heidursheim bei Kreuznach gesi si gin vun engem Jong, dén eröm ass.

Charles KUNNERT, genannt Batty, zu Lübeck am Lazarett, fir d'lescht an der Cambrai-Kasären Lübeck.

Theodor KOLF, geb. 26. 10. 20 zu Go'sseldéngen. 30 km vu Schlossberg.

Nicolas MARNACH, route de Dudelange 24, Esch-Alz. Nördlech vu Warschau.

Wié wéss eppes iwert de' folgend Jongen vun Osweiler: René WITRY (RAD Rogasen), SCHAMINE Othus, KAPP Jemp, RIES Erny, GANGOLF Félix, SCHILLING Ferdy, SCHWARTZ Marcel.

# Ein zweiter Todeskandidat unterwegs

Der berüchtigte Karl Ketter aus Grevenmacher konnte in Brüssel festgenommen werden. Allen Studenten ist er in verhasster Erinnerung als fanatischer Organisator der Zwangs-Hitlerjugend im Gymnasium. Er betätigte sich ebenfalls als Redakteur am „Nationalblatt". Ketter trat freiwillig der Waffen-SS bei und brachte es zum Leutnant. Er wurde als von den Russen gefangen bezeichnet, brachte es jejdoch zuwege, als harmloser Luxemburger Rapatriierter mit einem amerikanischen Flugzeug in Paris zu landen, von wo aus er den Weg nach Brüssel fand. Dort trat er mit einer unglaublichen Arroganz auf und prahlte mit den Worten: „Si hun nach ké gehâng dé se net håten!" Aber nach diesem glücklichen, vielversprechenden Anfang hatte er das Pech, unserm Freund Jean Gremling in die Hände zu laufen, der ihn von der belgischen Sûreté verhaften liess. Unser Freund hat auch die notwendigen Schritte unternommen, damit er nach Luxemburg gebracht wird. Es ergeht nun an alle Patrioten, die unter Ketter zu leiden hatten und Zeugen seiner Tätigkeit waren, der Ruf, das entsprechende Material zu sammeln. Ketter verlegt sich in Brüssel aufs Leugnen, hat sich aber in Widersprüche verstrickt. Er versucht nun, sich als unerwünschter Ausländer an die Grenze setzen zu lassen und hat sich zu diesem Zweck einen belgischen Advokaten bestellt.

Wir verlangen, dass dieser berüchtigte Geselle, ein zweiter Kratzenberg, sofort nach Luxemburg gebracht und vor Gericht gestellt wird.

N.

BOURG-BOURGER